



Lëtzebuergesch Guiden a Scouten

Grupp St. Pirmin
vum Séi

12, an der Huuscht
L-9150 Eschdöerf

Tel : 621656789
wellef.vum.sei@gmail.com

<http://pirmin.pulse.lu/>

Eschdöerf, den 29. August 2011

Léif Guiden a Scouten, léif Elteren,

Ech hoffen dier hat ee schéine Summercamp, eng schéi Vakanz a freet iech fir dat néit Scoutsjoer unzefänken.

Dëst Joer geet et direkt mat eisem Montéesweekend las. De Weekend ass vum **17. bis den 18. September an der Géisserei zu Dommeldeng**. Rendez-vous ass **Samsdes um 13.45 Auer** zu **Ettelbréck op der Gare** vun do aus fuere mier mam Zuch bei de Chalet a Sonndes si mer um **15.30 Auer** och rem do.

Fir iech fir de Weekend unzemellen, iwwerweist w.e.g. 18 EUR op de CCPL IBAN LU45 1111 1919 2963 0000 vum Grupp St Pirmin vum Séi mat der Mentioun MonteesWE + Numm vum Kand.

Fir de Weekend braucht dier: (all äer Saache sollen op mannst mat äeren Initialen gezeechent sinn)

- Kleder fiir bei all Wieder rauszegoën:
- eng Reenjackett
- evt. eng Bullis-oder Ree-box
- Gummisstiwelen oder deck, wasserdicht Schung
- een decke Plover
- Ersatzbox a Plover
- ee frëschen T-shirt
- frësch Ënnerwäsch
- ee Pyjama
- ee Schlofsaak
- Schlappen (leet dës w.e.g uewen an äert Gepäck, merci.)
- Wäschaachen (Seef, een Duch, Zännbiischt, Zännseef)
- 2 Kichendicher
- Täscheluuscht
- Bidon
- Uniform an Foulard (fir déi di eng hunn)

Jidferen muss seng eege Saache kennen 1km wäit droen vun der Gare bis bei de Chalet.

Di **1. Versammlung** fir dat neit Guiden- a Scoutsjoer si fir:

d'**Biber**: Samsdes, den 24. September vun 14.00 bis 16.00 Auer am Chalet,

d'**Wëllef**: Samsdes, den 24. September vun 14.00 bis 16.00 Auer am Chalet,

d'**AvEx**: Samsdes, den 24. September vun 14.00 bis 16.00 Auer am Chalet,

Wéi all Joer mussen awer och eis Memberslëschten à jour gesat ginn an d' Cotisatioun un de Verband iwwerwise ginn. All déi Leit, déi dës Bréif kréie stinn op eiser Memberlëscht. Wann een, aus iergendwellecher Ursach net méi wëllt an d' Guiden a Scoute kommen, soll e w.e.g. Bescheed soen, da wësse mir wou mer dru sinn.

D' Cotisatioun ass 14 € pro Joer. Domat huet all Member eng Haftpflichtversécherung an ass versécherert géingt Accidenter bei Guiden- a Scoutsaktivitéiten. Ausserdeem kritt all Member d' Zäitschrëft vu senger Branche heemgeschéckt. Wa méi ewéi een aus enger Famill Member bei den LGS ass an op der selwechter Adress wunnt, bezilt deen Eelsten déi 14 € an déi aner bezuelen 11 € op de Kapp.

Iwwerweist d' Cotisatioun w.e.g. bis spéitstens den 15. Oktober 2010 op de CCPL : IBAN LU45 1111 1919 2963 0000 vum Grupp St Pirmin vum Séi mat der Mentioun « Cotisatioun 2012 + NUMM ».

Déi 14 € ginn integral un de Verband vun de Lëtzebuergesch Guiden a Scouten iwwerwise. Wann dir eise lokale Grupp wëllt ënnerstëtzen, kënnt dir gär och méi iwwerwise.

Op eiser Internetsäit <http://pirmin.flash.lu> fann dir nach aner Informatiounen iwwer de Grupp a Photoë vun den Aktivitéiten aus de Branchen.

Wann dir nach iergendwellech Froen hutt, zéckt net fir mat engem vun de Cheftainen a Chefs ze schwätzen!

Mier wënschen eis all e flott Guiden a Scoutsjoer!

Mat beschte Scoutsgréiss,

Martine Stephany
GC adj.

Olivier Ludovicy
GC